LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
13 JUIN 2019

Luxembourg, le 13 juin 2019

**Réf.** : 82cx68ed9

**Concerne**: Question parlementaire n° 705 du 16 mai 2019 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et du soussigné à la question parlementaire n° 705 du 16 mai 2019 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant le "Dossier de soins partagé".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vum Gesondheetsminister a vum Minister fir sozial Sëcherheet op d'parlementaresch Fro n° 705 vum 16. Mee 2019 vun der Madamm Deputéiert Françoise Hetto-Gaasch iwwert den "Dossier de soins partagé".**

---

*Wou sinn d'Aarbechten am Beräich vun der Digitaliséirung am Sënn vun de Patienten drun? Wéini ass mat enger flächendeckender Aféierung vum DSP ze rechnen?*

Den DSP ass nach an der Testphase bis de gesetzleche Kader fir dëse finaliséiert ass. De groussherzogleche Reglement deen d' Modalitéiten an d' Bedéngunge fir d 'Aféierung vum DSP bestëmmt ass zur Zäit nach an der reglementarescher Prozedur. Opgrond vun den Avis'en déi zum Projet geschriwwe goufen, virun allem déi vun der Dateschutzkommissioun a vum Staatsrot, ass de Projet vum Reglement amendéiert ginn an dës Amendementer wäerten nach eng Kéier un déi zoustänneg Instanze geschéckt gi fir en zousätzlechen Avis.

Esou bal d' Prozedur ofgeschloss an de Reglement publizéiert ass, fänkt d'Agence eSanté mat der progressiver Generalisatioun vum DSP un. Et ass virgesinn, dass d'Agence eSanté nach dëst Joer mam generellen Deploiement vum DSP fir all Persoun, déi bei der Gesondheetskeess verséchert ass (ongeféier 850.000 Leit) ufänke kann.

*Gëtt et no bal 4 Joer en éischte Bilan vum DSP?*

Generell kann ee soen, dass wärend der Testphase quasi all d'Haaptakteuren wéi di 4 akut Spideeler (CHL, HRS, CHEM, CHdN), 2 spezialiséiert Etablissementer (Centre Baclesse an INCCI), di 4 Haaptlaboratoiren, 2 Etablissementer aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur (Stëftung Hëllef Doheem an Help) souwéi och aner spezialiséiert Etablissementer (Fondation Tricentenaire, de Rehabilitatiounszenter zu Colpach, d'Klinik zu Stengefort, d'Haus Omega, CIPA Maredoc) engagéiert sinn, sech un di national elektronesch Plattform technesch unzeschléissen fir kënnen e gesécherten Austausch vu medezineschen Dokumenter iwwert den DSP ze maachen. Vill vun hinnen, wéi och 6 Informatiounssystemer, déi vun den Dokteren a Privatpraxisen zu Lëtzebuerg benotzt ginn, hu mëttlerweil d'Konformitéit zu allen Sécherheetskritären erhalen.

An den 57.000 DSP'en déi bis elo opgemaach goufen, konnten dann och ongeféier 240.000 Dokumenter an DSP'en iwwerdroe ginn, wat gewisen huet dass d' technesch Interoperabilitét also ginn ass, an dass d'Generalisatioun vum DSP ufänke kann, esou bal de gesetzleche Kader finaliséiert ass.